



Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 23/11/2021

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden echlech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Famill an Integratioun & Gesondheet weiderzeleeden.

An der parlamentarescher Fro n°592 hat ech d'Ministesche fir d'Famill an Integratioun iwwert de Hëllef fir Sans-abrisen zu Lëtzebuerg befragt. An der Äntwert vum 3te Mee 2019 huet d'Madamm Ministesche erkläert, dass:

"Den Aktionsplang géint de sans-abrisme ass e wichtegt Instrument an e gëtt eis e Kader an deem mer eng ganz Réi vu Measure scho geholl hunn an och nach wäerten huelen."

An deem Zesammenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi vill Persounen hunn sech, säit et de "Service premier appel" gëtt, bei dësem gemellt (opgeléicht no Joer)?
2. An der Äntwert zur Fro n°592 heescht et:

"De Ministère fir Famill, Integratioun a Groussregioun wäert weiderhin alles drusetzen, fir, zesumme mat senger Partner, de Leit déi an enger Noutsituatioun sinn, ze hëllefen. Esou ass virgesinn, déi Offer vun den "haltes de nuit" nach ze erweideren an ze dezentraliséieren, fir och deene Mënschen eng Hëllef ze ginn, déi sech net an der Stad ophalen."

Si säit 2019 weider "haltes de nuit" geschafe ginn? Wann jo, wou goufen se opgemaach? Wa net, huet d'Ministesche hei konkreten Datumer fir weider Projeten?

3. Wat fir Servicer bitt den "Café Courage" un a wéi vill Leit hunn säit der Erëffnung vun dëser Offer profitéiert?
4. Weider heescht et an der Fro:

"Och d'Strukturen déi nom Prinzip vum „housing first" funktionéieren a



Strukture fir jonk Erwuessener waerten weider ausgebaut ginn. Generell waert de Ministère och mat den Organisatioune weider schaffe fir zousatzlech Better ze schafen."

Wéi vill vun dëse Strukture goufe säit 2019 ausgebaut?

5. Wéi gesinn d'Statistike fir d'Iwwernuechtungen an der Wanteraktioun 2020/2021 aus am Verglach zu 2018/2019 an 2019/2020?

6. Weider heescht et an der Fro:

"Bei enger Rei vu Leit ass de Risiko fir keen Dach iwwert dem Kapp ze hunn d'Konsequenz vu psychiatreschen- oder Ofhängegkeetskrankheeten. Dofir probéiert de Gesondheitsministère Léisunge fir des Leit unzebidden iwwert Konventiounen mat verschiddenen Associatiounen [...]."

Et ass gewosst, dass et am Moment un Psychologen a Psychiatere hei am Land feelt. Ass d'Betreiung vun de Sans-abrisen trotzdeem ofgeséichert?

7. Wat fir nei Projete goufen an dësem Kontext säit 2019 nach fäerdeg gestallt?

Mat déiwem Respekt,



GOERGEN Marc

Député

